



N° 5827
Reçue le 25.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.02.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdedegung & Gesondheet weiderzeleeden.

Fir d'Covid-19-Pandemie kënnen ze geréieren, gouf hei zu Lëtzebuerg d'Armée erbäigezunn, wou si, ënnert Anerem, och d'Testzenteren hei am Land logistesche a personell ënnerstëtzt huet.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich waren d'Ausgabe fir d'Material, dat fir d'Armée am Kader vun der Missioun TAR (=Test antigénique rapide) ugeschaaft ginn ass?
2. Op wéi vill Euro belafen sech d'Gesamtkäschte vun der Missioun TAR?
3. Wéi vill Tester sinn, opgeschlësselt no Testzentrum, insgesamt an deene 5 Testzentre gemaach ginn?
4. Wéi vill Tester goufen, opgeschlësselt no Testzentrum, beim militäresche Personal duerchgefouert?
5. Wéi vill Tester hätten, laut initiale Berechnungen, sollen an deene 5 Zentre gemaach ginn?
6. Wéi vill Persone vun der Armée waren, opgelëscht no Mount, pro Testzenter affektéiert?
7. Wéi eng Kompanien a Servicer vun der Armée ware während der Missioun TAR an hirem Fonctionnement beanträchtegt oder komplett zou?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu